Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 12. Juni 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

Ëmmer méi administrativ Demarchë ginn iwwert den digitale Wee ofgewéckelt. Dëst ka sécherlech praktesch an zäitspuerend sinn, wann ee mat den neien Technologië vertraut ass. Fakt ass awer och, datt vill Leit – aus den ënnerschiddlechste Grënn – net mat den neien technesche Méiglechkeete vertraut sinn an hir Demarche léiwer iwwert de konventionelle Wee ofwéckelen. Et ass dofir wichteg, datt – och wat d'Personal an de verschiddene Verwaltungen ugeet – de Service um Client beschtméiglech erhale bleift.

An deem Kontext hätt ech follgend Froen un den Här Premierminister:

1. Kann d'Regierung opschlësselen, wéi eng staatlech administrativ Servicer – opgeschlësselt no Regioun an opgeschlësselt no de leschten 10 Joer – Büroen zougemaach hunn, respektiv, keen direkte Service um Client méi ubidden?
2. Kann d'Regierung opschlësselen, wéi eng staatlech administrativ Servicer – opgeschlësselt no Regioun an opgeschlësselt no de leschten 10 Joer – am Verglach zu virdru just nach e reduzéierte Service um Client ubidden?
3. Huet d'Regierung Informatiounen doriwwer, ob mëttel- oder laangfristeg weider Administratiounen hir Dieren zoumaachen, respektiv, just nach e reduzéierte Service um Client ubidden?
4. Wéi gedenkt d'Regierung konkret virzegoen, fir de Service um Client nees ze stäerken an iwwerdeems och enger wuessender Bevëlkerung unzepassen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten